LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 3316 vum 9. Dezember 2025 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer de Promotiounsexamen bei den CFL.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwer de Promotiounsexamen bei den CFL. Déi follgend Informatioune goufe bei den CFL ugefrot.

1. *Wéi vill Leit hunn, opgeschlësselt pro Joer, Direktioun a Karriär, tëschent 2022 an 2025 hire Promotiounsexamen op der CFL geschriwwen? Wéi vill dovunner hunn e gepackt?*

| | 2022 | | | 2023 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Direction** | **Total** | **Réussi** | **Échec** | **Total** | **Réussi** | **Échec** |
| Direction Générale | 1 | 0 | 1 | 1 | 1 | 0 |
| Direction Activités Voyageurs | 5 | 4 | 1 | 8 | 7 | 1 |
| Direction Gestion Infrastructure | 8 | 7 | 1 | 23 | 21 | 2 |
| Direction RH et Organisation | 1 | 1 | 0 | 2 | 2 | 0 |
| Direction Département Finance & Administratif | 2 | 1 | 1 | 6 | 5 | 1 |
| **Total** | **17** | **13** | **4** | **40** | **36** | **4** |

| | 2024 | | | 2025 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Direction** | **Total** | **Réussi** | **Échec** | **Total** | **Réussi** | **Échec** |
| Direction Générale | 1 | 1 | 0 | 1 | 1 | 0 |
| Direction Activités Voyageurs | 11 | 9 | 2 | 10 | 8 | 2 |
| Direction Gestion Infrastructure | 18 | 15 | 3 | 18 | 7 | 11 |
| Direction RH et Organisation | 1 | 1 | 0 | 1 | 0 | 1 |
| Direction Département Finances & Administratif | 3 | 2 | 1 | 5 | 5 | 0 |
| **Total** | **34** | **28** | **6** | **35** | **21** | **14** |

| | 2022 | | | 2023 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Carrière** | **Total** | **Réussi** | **Échec** | **Total** | **Réussi** | **Échec** |
| Carrière I | 2 | 2 | 0 | 12 | 11 | 1 |
| Carrière A | 0 | 0 | 0 | 5 | 4 | 1 |
| Carrière M | 0 | 0 | 0 | 1 | 1 | 0 |
| Carrière S | 3 | 2 | 1 | 8 | 7 | 1 |
| Carrière B | 12 | 10 | 2 | 14 | 13 | 1 |
| **Total** | **17** | **14** | **3** | **40** | **36** | **4** |

| | 2024 | | | 2025 | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Carrière** | **Total** | **Réussi** | **Échec** | **Total** | **Réussi** | **Échec** |
| Carrière I | 6 | 3 | 3 | 7 | 5 | 2 |
| Carrière A | 7 | 5 | 2 | 4 | 0 | 4 |
| Carrière M | 0 | 0 | 0 | 1 | 1 | 0 |
| Carrière S | 18 | 17 | 1 | 13 | 6 | 7 |
| Carrière B | 3 | 3 | 0 | 10 | 9 | 1 |
| **Total** | **34** | **28** | **6** | **35** | **21** | **14** |

2. *Wéi vill Kandidat:innen goufen, opgeschlësselt pro Joer, Direktioun a Carrière, tëschent 2022 an 2025 net zum Promotiounsexamen zougelooss?*
   *Wat waren d'Grënn, dass net all Kandidat fir de Promotiounsexamen zougelooss gouf?*

D'KandidatInnen sinn an de Joren 2022 bis 2025 alleguer fir de Promotiounsexamen zougelooss ginn, wann si d'Konditioun vun der Anciennetéit geméiss der Reglementatioun erfëllt hunn.

An der interner Réglementatioun ass festgeluecht, dass een Délai vu minimum 6 Joer ab dem Datum vun der „confirmation du commissonnement" muss erfëllt sinn, also no insgesamt mindestens 8 Joer Anciennetéit CFL.

3. *No wéi enge Krittäre ginn d'Promotiounsexamen ausgeschriwwen an no wéi engem Krittäre gi Kandidat:innen zougelooss oder refuséiert?*

D'Posten, fir déi e Promotiounsexamen verlaangt gëtt, sinn am Organigramm mat de jeeweilege Postebeschreiwungen am Niveau supérieur vun der entspriechender Karriär definéiert.

D'Exame ginn ausgeschriwwen, falls e Besoin besteet en vue vun der Besetzung vu Poste vum Niveau supérieur.

All KandidatInn gëtt fir den Examen zougelooss, wann en/si d'Konditioun vun der Anciennetéit geméiss der Reglementatioun erfëllt.

Wéi virdrun erwäänt, ass an der interner Réglementatioun festgeluecht, dass een Délai vu minimum 6 Joer ab dem Datum vun der „confirmation du commissonnement" muss erfëllt sinn, also no insgesamt mindestens 8 Joer Anciennetéit CFL.

Lëtzebuerg, de 7. Januar 2026

Ministesch fir Mobilitéit
an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko BACKES